

et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel? Wëllt nach ee virdu seng Abstentioun begrënnen? Neen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 5156A souwéi zur Proposition de loi 4839 iwwert den Droit des victimes d'infractions pénales. Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Doerner, d'Madame Flesch, den Här Henckes an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den hono-rabelen Här Laurent Mosar. Duerno kënn den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Alex Bodry.

5.

5156A - Projet de loi renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et portant modification

- du Code d'instruction criminelle;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;

- de la loi modifiée du 16 juillet 1986 relative à certains modes d'exécution des peines privatives de liberté;

- de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse

4839 - Proposition de loi renforçant les droits des victimes d'infractions portant modification

- du Code d'instruction criminelle;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse, et

- de la loi du 24 juillet 2001 arrêtant un programme plurian-nuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi N°5156A

]]]] M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, «dans la plupart des cultures on est coupable d'être une victime». Dëst Zitat vum Boris Cyrulnik aus dem Courrier vum der UNESCO vum November 2001 beschreift eigentlech op eng androcksvoll Manéier d'Astellung vun der Gesellschaft vis-à-vis vun den Affer.

Et ass dann och d'politesch Volontéit, fir genau géint déi Astellung virzegoen, déi d'Affer culpabiliséiert anstatt ze encadréieren, déi zu der Kaderdécisioun vun 2001 vun der EU-Kommissioun an zu enger Rei vun Affer-

schutzgesetzgebungen an eisen Nopesch-länner gefouert huet. Och hei zu Lëtzebuerg huet et laang gedauert, ier et zu engem Pro-jet de loi komm ass, deen a sech eigentlech zrëckgeet op d'Regierungserklärung vun der vieregter Regierung vum August 1999.

No där Regierungserklärung ass eigentlech net vill geschitt, bis dann eise Kolleeg Alex Bodry am Joer 2001 seng Gesetzesproposi-tioun deponéiert huet, an de Statsminister a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun vun 2001 e Gesetzesprojet an Aussiicht ge-stallt huet, deen dann och 2003 deponéiert ginn ass. Haut, zéng Joer no där éischter Regierungserklärung a sechs Joer nodeem de Projet de loi deponéiert ginn ass, hunn ech dann elo de Plëséier, lech mäi Rapport zu deem Projet de loi ze maachen.

Ech wëll dann aleedend zwou allgemeng Observatiounen maachen, ier ech zum Projet selwer kommen. Éischstens, als Rapporteur fannen ech et net normal, datt e Projet de loi sech sechs Joer an der parlamentarescher Prozedur befënnt, ier en da schlussendlech zur Diskussioun an zur Ofstëmmung an de Plenum kënn. Sécherlech gëtt et eng Rei vu plausiblen Erklärungen, firwat et bis haut gedauert huet, ier dës wichtege Gesell-schaftsprojert endlech zur Diskussioun kënn.

Eng vun deenen Erklärungen ass sécher-lech déi gewiescht, datt besonnesch de Statsrot Problemer mat dem Volet Zeie-schutz hat. Duerfir kann ech allerdéngs net novollzéien, datt, nodeem d'Regierung dé-cidéiert hat, dës Volet aus dem Projet erauszehuelen, et dann nach méi wéi dräi Joer gedauert huet, ier de Statsrot schluss-endlech säin Avis zu dësem ofgespecktene Projet ginn huet. Duerch dës fir mech onak-zeptabel Retarden um Niveau vun der par-lamentarescher Aarbecht konnten an deene leschte Jore vill Affer vun deem fir si eminent wichtege Gesetz leider net profitéieren.

Zweet Observatioun, Här President: Dës Projet de loi ass och a senger ofgespeckter Versioun nach op vill Widdersproch an Oppositioun, net nëmme beim Statsrot, mä och um Niveau vun der Magistratur ge-stouss. Och wann eng ganz Rei vu Kritiken, déi souwuel aus de Kreesser vun der Ma-gistratur wéi vum Statsrot virbruecht gi sinn, sécherlech berechtigt sinn, esou huet een dach d'Impressioun, datt dës Projet ei-gentlech a grouse Kreesser vun der Ma-gistratur zumindest net gewënscht ass. Dëst bedauern ech, well et jo eigentlech an dësem Projet nëmmen drëm geet, dem Affer eng Rei vu Rechter zouzestoen, déi bis elo dem Täter virbehale sinn, ausser d'Affer huet sech da Partie civile consti-tuéiert.

Ech wëll och heizou an Erënnerung ruffen, datt et an eisen direkten Nopeschlänner schonn zënter enger Rei vu Joren en Affer-schutzgesetz gëtt, esou datt mir an dësem Beräich relativ hannendrun hänken. Et ass och fir déi zoustänneg Kommissioun a fir mech besonnesch wichteg gewiescht, datt mat dësem Gesetz an Zukunft all Affer e re-gelrechte Statut kritt, wat jo ee vun deene Punkte war, dee staark contestéiert ginn ass an deene virgenannten Avisen.

Heibäi geet et virun allem ëm eng mora-lesch Unerkennung vum Affer, dat bis elo oft d'Gefill hat, datt dem Täter seng Rechter besser geschützt wiere wéi seng eegen. An ech wëll hei den Auteur Michel Reinette zi-téieren, dee gesot huet: «Quand on est vic-time, on a toujours l'impression d'être cou-pable.» Dëst Zitat beschreift op eng einfach awer andrénglech Aart a Weis, wéi ganz vill Affer sech no enger Strofdot, déi un hinne begaange ginn ass, fillen.

Mir haten an der zoustänneger Kommis-sioun eng Entrevue mat deene concernéier-ten Associatiounen an hire Vertrieeder, an déi hunn eis nach eng kéier bestätegt, wéi wichteg esou eng moralesch Unerkennung fir d'Affer ass. Unerkennung, déi him er-laabt, dat Verbrichen a seng Konsequenze fir seng Persoun besser ze verschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zum Projet selwer kommen, erlaabt mer awer nach ganz schnell e puer Mercië lasszeginn. Fir d'Alleréischt natierlech un d'Kolleginnen a Kollegen aus der zoustänneger Justizkommissioun, déi op eng äusserst konstruktiv Aart a Weis un dësem Projet matdiskutéiert a geschafft hunn, awer och ganz besonnesch un den Auteur vun der Gesetzespropositioun, de Kolleeg Alex Bodry. Derniewent wëll ech awer och de Sekretär vun eiser Kommissioun net ver-giessen, de Laurent Besch, deen zesumme mat der Mataarbechterin vun der CSV-Frak-tioun, der Madame Rangan, eng formidabel Aarbecht geleescht huet. An de Merci wëll ech natierlech och d'Mataarbechterinne vum Justizministère mat aschleissen.

Wat fir mech awer déi gréisste Satisfaktioun ass bei dësem Projet, ass, datt e wahr-

scheinlech herno wäert eestëmmeg vun dë-sem Haus gestëmmt ginn, an dat trotz dee-nen deelweis äusserst kriteschen Avisen, vun deenen ech virdu geschwat hunn. Ech wëll mech a mengen Ausféierungen op déi wesentlech Punkte vun dësem Projet be-schränken. Fir den Detail verweisen ech wéi ëmmer op mäi schrëftleche Rapport.

Ufänke wëll ech, andeem ech nach eng kéier drun erënneren, datt nom Avis vum Statsrot d'Kommissioun décidéiert huet, de Projet de loi nach eng kéier an zwee ze splécken: deen éischten Deel, dee mer haut diskutéieren, de Volet Afferschutz, an dann deen zweeten Deel iwwert den Zeieschutz, deen an engem separate Projet an der nächster Legislaturperiod wäert diskutéiert an dann och hoffentlech gestëmmt wäert ginn.

Wa mer eis an der zoustänneger Kommis-sioun fir dës Schrëtt entscheed hunn, ass dat haauptsächlech aus der Iwwerleung eraus gewiescht, um jidde Fall dee fir eis wichtigste Volet vum Projet, nämlech den Afferschutz, nach an dëser Legislaturperiod gestëmmt ze kréien. Wa mer net esou ver-fuer wieren, hätte mer iwwerhaapt kee Pro-jet de loi méi gestëmmt, well ganz beson-nesch am Volet Zeieschutz de Statsrot eng ganz Rei vu formellen Oppositiounen soule-véiert hat, iwwert déi mer eis net esou ein-fach hätte kënnen ewechsetzen.

Ech wëll dann och nach eng kéier ënner-sträichen, datt op enger Rei vun Disposi-tiounen, an ech mengen, datt ech och do am Numm vun alle Kollegen aus der Kom-missioon schwätzen, mer léiwer e Schrëtt méi wäit gaange wieren, wéi dat an der Endversioun elo de Fall ass. Allerdéngs hätt dat da bedeit, datt mer dës Projet net méi, oder zumindest net definitiv méi hätte kë-nnen an dëser Legislaturperiod stëmmen. Mä well awer esou vill positiv Elementer am In-teressi vun den Affer sech am Projet erm-fannen, ware mer eis eigentlech alleguerten eens, fir e bësselche Waasser an eise Wäin ze schëdden, an ech muss och agestoen, datt de Projet insgesamt doduerch sécher-lech net méi schlecht, mä au contraire vläicht och méi kohärent ginn ass.

Déi zwee wesentlech Punkten, wou mer déi heftegst Ausenanersetzungen mam Statsrot haten, sinn op där enger Säit de Statut vum Affer, an dann d'Méiglechkeet, e Recours géint Klassementsdécisiounen vum Parquet anzeleeën. Ech hunn et aleedend scho ge-sot gehat, mir hunn am Projet de Statut vum Affer zrëckbehalen a mir hunn eis a sech heifir net op de Regierungstext, mä op déi belsch Législatioun, déi sougenannten „loi Franchimont“ baséiert, déi schonn 1998 an der Belsch agefouert ginn ass an déi ei-gentlech dozou geféiert huet, datt d'Procé-dure pénale souwuel um Niveau vun der In-formation wéi der Instruktioun wesentlech verbessert ginn ass.

Mat dësem Gesetz gëtt also de Statut vum Affer consacréiert, dat heescht, datt d'Affer als solches unerkannt gëtt. Domat ginn na-tierlech dann automatesch d'Konsequenze vun enger Infraktioun op d'physesch a psy-schesch Gesondheet vum Affer och uner-kannt. De Statut vum Affer unerkennen, heescht awer och, d'Affer an de Mëttelpunkt vun enger Prise en charge stellen, op déi et e Recht huet. E Recht, dat op där enger Säit dorop erausleeft, datt et a senger Affär ge-heiert gëtt a gläichzäiteg informéiert gëtt iw-wert déi Suiten, déi de Parquet senger Plainte wäert ginn.

An Zukunft wäert et also esou sinn, datt all Mënsch, deen iergendwéi e Schued erlid-den huet duerch eng Strofdot, den Affersta-tut accordéiert kritt. Et geet duer, wann d'Af-fer eng Plainte an deem Sënn déposéiert. Dës Plainte ka vum Affer selwer oder vu sengem Affekot gemaach ginn.

Ech wëll och heizou ënnersträichen, datt mer duerch déi Unerkennung vum Statut eis och der europäescher Législatioun elo upassen, déi jo scho säit enger Rei vu Jo-ren déi doten Evolutioun anticipéiert huet, dat och ënnert dem Drock vun deene villen Associatiounen, déi sech d'Verdeedegung vun de Rechter vun den Affer op de Fändel geschriwwen hunn.

Wat sinn elo déi Rechter, déi an Zukunft am Gesetz verankert ginn?

Fir d'éischt huet d'Affer d'Recht fir iwwer-haapt emol gewuer ze ginn, wat mat senger Plainte geschitt, wat bis elo jo net de Fall war, ausser d'Affer huet sech Partie civile constituéiert. An deem Kontext ass awer déi gréissten Neierung déi, datt an Zukunft d'Klassementsdécisioun muss motivéiert ginn an och d'Affer heiriwwer muss infor-méiert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, datt dëst e wesentleche Fortschritt am Interessi vun der Verdeedegung vun de Rechter vun den Affer ass, well bis elo jo dës Affer weder gewuer gi sinn, wat mat hirer Plainte geschitt ass, nach iwwert d'Motiver vun enger Klas-sementsdécisioun ënnerriicht gi sinn.

Mir haten eng länger Diskussioun heiriwwer an der Kommissioun, mä mir waren eis ei-gentlech alleguerten eens, datt déi Déci-siounen e Minimum vu Motivatioun missten hunn, och wann dat sécherlech mat zousätzlecher Aarbecht fir de Parquet wäert verbonne sinn. Fir mech ass awer d'Obliga-tioun, fir an Zukunft d'Klassementsdécisiou-nen ze motivéieren, ee vun den Häerz-stécker vun dësem Projet. Doriwwer eraus wollte mer eng Rekursméiglechkeet géint déi Klassementsdécisioun vum Affer virge-sinn. Allerdéngs huet op dësem Punkt de Statsrot seng formell Oppositioun net zrëck-gezunn, esou datt, wa mer bei eisem ur-sprünglechen Text bliwwen wieren, et net méi zu engem definitive Vote an dëser Legisla-turperiod komm wier, wéi ech och scho vir-du gesot hunn.

Mir hunn eis also dofir entscheed, fir déi Kompromisspropositioun vum Statsrot un-zehuelen, déi dann elo virgesäit, datt d'Affer kann am Fall vun engem Klassement vu senger Affär sech un de Procureur général wenden, fir datt dee selwer de Procureur uweist, op d'Klassementsdécisioun le cas échéant zrëckzekommen an d'Affär virunze-féieren. Dëst ass also eng Zort vu Recours gracieux, déi d'Affer an Zukunft wäert géint déi Klassementsdécisiounen hunn.

Dëst ass sécherlech net dat, wat mer eis ei-gentlech alleguerte virgestallt haten. Nach ass et awer eng wesentlech Verbesserung par rapport zu der aktueller Situatioun. Ech wëll heizou allerdéngs betounen, datt elo schonn de Code d'instruction criminelle d'Méiglechkeet virgesäit, datt en Affer, iw-wert de Wee vun enger Citation directe, ka säin Täter virum Strofgericht belangen, an un där Prozedur gëtt jo och duerch dëst Ge-setz a sech näischt geännert.

Dës Punkt ass wahrscheinlech deen ëm-striddenste vum Projet de loi gewiescht, an ech kann lech versécheren, Här President, datt mer eis et an der Kommissioun net ein-fach gemaach hunn. Fir eis ass et absolut virranged gewiescht, fir nach onbedéngt en definitiivt Gesetz virum Enn vun dëser Le-gislaturperiod ze stëmmen, an duerfir si mer dann och schlussendlech mat der Textpro-positioun vum Statsrot averstane gewiescht.

Derniewent gesäit de Projet dann och vir, datt d'Affer an Zukunft d'Recht huet, ver-schidden Dokumenter iwwermëttelt ze kréien, an hei natierlech an éischter Linn d'Kopie vu senger Plainte. Och op dësem Punkt hate mer länger Diskussiounen, man-ner iwwert de Prinzip, wéi iwwert d'Ausféie-rungsbestëmmungen, well mer an der Kom-missioon eigentlech der Meinung waren, d'Affer misst den Dag selwer, wou et seng Plainte formuléiert huet, och heivunner eng Kopie kréien.

Ganz besonnesch de Parquet hat awer Be-denken, well en der Meinung ass, datt dëst a verschiddene Situatiounen schwierig wier, ganz besonnesch, wann déi Plainte net um Parquet oder um Policebüro selwer ge-maach gëtt, mä zum Beispill direkt op der Plaz, wou d'Strofdot passéiert ass. Fir dës Bedenke Rechnung ze droen, hu mer dann awer d'Méiglechkeet vun enger Deroga-tioun virgesinn, awer nëmmen dann, wann déi materiell Situatioun et net erlaabt, kann de Parquet och d'Kopie vun der Plainte eréischt e puer Deeg méi spéit un d'Affer verschécken.

Niewent dem Recht, direkt eng Kopie vu senger Plainte ze kréien, muss och an Zu-kunft d'Affer direkt iwwer seng Rechter an d'Méiglechkeeten, déi et huet, vun deenen zoustänneg Servicier, souwuel um Niveau vun der Police wéi vum Parquet, informéiert ginn. D'Affer huet d'Méiglechkeet, sech di-rekt eng Assistance judiciaire unzefroen, an et huet, wann et kenger vun deenen zu Lët-zebuerg geschwatene Sprooch mächtge ass, och d'Recht op en Interpret.

All dës Rechter schénge mer komplett an der Logik vum Afferschutz ze leien, wann ee weess, datt elo schonn am Kader vum Code d'instruction criminelle den Täter genau déi dote Rechter huet. Och bei dëser Neierung sinn ech mer bewosst, datt do vill an zousätzlech Aarbecht, besonnesch op eis Policebeamten, wäert zoukommen. Ech géif dofir en Appel un de Justizminister riichten, fir esou schnell wéi méiglech nom Akraaft-riede vum Gesetz déi néideg Schrëtt ze ën-nerhuelen, fir d'Formatioun vun deene Poli-zisten ze verbessern, déi an Zukunft

d'Plaintë vun den Affer müssen entgéintheulen. An deem Kontext stellt sech dann natierlech och d'Fro, ob déi Servicier um Niveau vun den Effektiver net missten opgestockt ginn.

En anere wichtege Punkt, Här President, ass deen, datt d'Europäesch Mënscherechtskommissioun an hiren Dispositiounen virgesäit, datt all Mënsch d'Recht huet, datt säi Prozess an engem rasonnabelen Délai kann iwwert d'Bühn goen. Duerfir gesäit dann och dëse Projet vir, datt de Procureur an Zukunft dem Agent oder dem Officier de police judiciaire kann Délai fixéieren, an deene si hir Enquête müssen ausféieren. Dësen Délai kann dann och, wann et sech sollt als noutwendeg erausstellen, verlängert ginn.

Derbäi kënnt, datt an Zukunft den Untersuchungsrichter, wann e sech an der Onméiglechkeet befënnt, fir selwer all Acte d'instruction ze maachen, dëst och kann iwwer eng Commission rogatoire un d'Officiers de police judiciaire viruginn, déi da selwer dës Akte müssen exekutéieren. Och dëst ass eng Moossnam, déi sécherlech zur Accélération vun de Prozedure féiert.

Wann ech bei de Prozedure sinn, dann erlaabt mer och nach derbäizefügen, datt an Zukunft bei Mannerjähregen a ganz spezielle Strofdote wéi Entféierung, Prostitution, sexuell Aggressiounen dëse Mannerjähregen hir Ausso kann enregistreiert ginn. Dësen Enregistrement wäert dann och d'Regel ginn, mat der Ausnahm, datt et net zu esou enger Opnahm kënnt, wann de Mannerjähregen oder säi legale Vertrieeder dëst express refuséiert.

Här President, ech wëll dann nach op zwou lescht Neierungen agoen, déi dësen Text festschreift. Fir d'éischt, datt déi Persoun, déi Affer vun engem Verbräichen an Zukunft gëtt, wou den Täter entweder onbekannt bleift oder insolwabel ass, kann an Zukunft entschiedegt gi vum Stat bis zu engem Plafong vun 125.000 Euro. Bis elo war dëse Plaffong op 65.000 Euro festgeluecht, sou datt et hei praktesch zu enger Verduebelung kënnt.

Lescht wesentlech Neierung ass déi, datt bei verschiddene Verbräiche géint Mannerjähreger d'Verjährungsfrist eréischt ufänkt ze lafe vun der Groussjährekeet vum Affer u respektiv, wann d'Affer géif duerch déi Strofdot verstierwen, vum Dag vu sengem Doud un.

Et ass nämlech gewosst, datt ganz besonnesch bei sexuellen Aggressiounen u Mannerjähregen dës Affer déi Dot am Ufank net ëmmer wëllen zur Kenntnis huelen an eréischt oft vill méi spët gewëllt sinn, eng Plainte ze maachen, a ganz oft eréischt, wa se groussjähreg sinn.

Duerfir si mir och der Iwwerzeegung, datt dëst eng wichteg Neierung am Interessé ganz besonnesch vu Mannerjähregen ass.

Här President, wat elo d'Akraaftriede vum Gesetz betrëfft, si mer der Suggestioun vum Statsrot entgéintkomm, fir deene verschiddenen Administratiounen um Niveau vun der Justiz an der Police genuch Zäit ze ginn, fir datt se sech och kënne mat deenen neien Dispositiounen vertraut maachen, sou datt dat Gesetz eréischt wäert deen nächsten 1. Januar a Kraaft trieden.

Dat gesot, si mir eis awer an der Kommissioun eens, datt elo esou schnell wéi méiglech de Justizminister soll eng Informationsbroschür ausschaffen, déi op eng méiglechst einfach Aart a Weis de Leit dobaussen erkläert, wat an Zukunft hir Rechter sinn, wa se Affer vun engem Verbräiche ginn.

Dëst Gesetz ass nämlech eent, wat all Bierger kann direkt oder indirekt betreffen, well jiddwereen am Laf vu sengem Liewen eng kéier Affer vun enger Strofdot ka ginn. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt jiddweree weess, wat an Zukunft seng Rechter sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, kommen ech och schonn zu menger Konklusioun. Dëse Projet de loi setzt eist Land net nëmmen op de leschte Stand vun der europäescher Législation a puncto Afferschutz, mä mat dësem Gesetz kritt dann an Zukunft all Affer eng Rei vu Rechter, déi virdu just dem Täter virbehale waren, wann d'Affer sech net selwer Partie civile constituéiert huet.

Och wann dëse Projet sécherlech net perfekt ass an deem engen oder anere vun eis op deem engen oder deem anere Punkt net honnert Prozent Satisfaktioun gëtt, esou stellt en dach e wesentlechen a fundamentale Schrëtt a Richtung vun der Verbesserung vun de Rechter vun den Affer duer.

Mat der Ofstëmmung iwwert dëse Projet ass allerdéngs d'Missioun vun der Chamber nach net zu Enn, mä déi nächst Chamber muss sech nach mat deem anere Volet vum Projet befaassen, nämlich dem Zeieschutz a ganz besonnesch der Problematik vun anonymen Zeienaussoen.

D'Diskussioun iwwert dëse Volet wäert sécherlech méi komplizéiert a méi heftig ginn, well et hei ëm de Respekt vun zwee wesentleche Prinzipiën geet: dem Schutz vum Zeien, ganz besonnesch, wat seng physesche Sécherheet ugeet; op där anerer Säit awer och d'Recht vun der Verteidigung, mat allen Zeien direkt konfrontéiert ze ginn a se och kënne direkt ze befroen. Fir hei den Équiliber tëschent zwee fundamentale Rechter ze fannen, wäert sécherlech net einfach ginn. Nach sinn ech awer iwwerzeegt, datt déi nächst juristesche Kommissioun et och an dësem quokelegen Dossier wäert fäerdeg bréngen, eng exzellent legislativ Aarbecht ofzeleeën.

Ganz zum Schluss, Här President, erlaabt mer dann awer och nach, e Merci ze soen un all déi Associatiounen, déi sech elo säit Joren, wann net Jorzéngte fir den Afferschutz op all sengen Niveauen asetzen an ouni deenen hiert Engagement et wahrenscheinlech net zu dësem Gesetzesprojet komm wär, an ouni deenen hiren alldéeglechen Asaz vill Affer et nach vill méi schwéier hätten, sech Gehéier ze verschafen.

Ech géif dann och ofschléisse mat engem Zitat vum Charles Issaoui, deen am Columbia Forum 1970 folgend Feststellung gemaach huet: «La plupart des gens attendent d'avoir mal aux dents pour aller chez le dentiste. La plupart des sociétés attendent d'être dérangées par les victimes pour entreprendre des efforts.»

Wann dann haut schlussendlech e Gesetz iwwert den Afferschutz gestëmmt gëtt, ass dat net nëmmen, mä dach zu engem groussen Deel de Mérite vun all deene Leit, déi sech iwwer Jore fir e seriöse Statut vum Affer an eiser Gesellschaft agesat hunn an déi ëmmer erëm d'Politik virun hir Verantwortung an dësem Dossier gesat hunn.

Ech géif dann och wënschen, datt dëse Projet déi Unanimitéit an dësem Haus kritt, déi sech an der Kommissioun ugekënnegt huet, a géif lech dofir am Viraus e grouse Merci soen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!
(Interruption)

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Da kënnt den Auteur vun der Proposition de loi 4839, den honorabelen Här Bodry, un d'Rei. Här Bodry, wann ech gelift.

Rapport de la Commission juridique sur la proposition de loi N°4839

» **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng seele Satisfaktioun als Deputéierten, dass een därerf bei engem ofschléissende Vote zu engem Gesetzestext als Auteur vun enger Proposition de loi och seng Propos nach eng kéier virstellen. Dat ass an deem heite Fall méiglech, well gutt Dealer vun den Iddien, déi a menger Proposition de loi dra waren, hei iwwerholl gi sinn och an der Regierungsproposition an och Nidderschlag fannen an deem definitiven Text, deen d'Kommissioun hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung proposéiert huet.

Déi Gesetzesproposition iwwert d'Verbesse- rung vun de Rechter vun den Affer hunn ech viru knapp aacht Joer hei an der Cham- ber deponéiert gehat. Si hat sengerzäit dräi Ziler: éischstens, d'Verbesse- rung vum Accueil a vun den Hëllef fir d'Affer; zweetens, den Zougank zu de Strofdossieren an d'In- formatione vun den Affer iwwert de Verlaf vun enger Instruktioun, an drëtzens d'Ver- besse- rung vun der Entschiede- gung vu gewëssen Affer.

Ausgangspunkt vu menger deemoleger parlamentarescher Initiative vun 2001 war eigen- tlech d'Feststellung, dass an de Lëtze- buerger Strofprozessregeln de Geschie- degten, d'Affer eigen- tlech nëmmen on- genügend berück- sichtigt gëtt. D'Affer huet bis dato zu Lëtzebuerg keen eegentlech recht- leche Statut. Eis Prozess- regele sinn eigen- tlech op d'Uklo an op de verdächt- gten Täter ausgeriicht. Dem Affer gëtt, mat der Aus- nahm vum Fall, wou et zu enger Consti- tution de partie civile kënnt, wéineg proze- dural Beuechtung geschenkt.

Dat gëllt virun allem fir den Zougank zum Dossier. E festgeschriwwent Recht op Infor- matioun besteet bis dato net fir en Affer hei zu Lëtzebuerg, och wann et awer eng Praxis gëtt vum Parquet, fir gewëssen Infor- matiounen och un aner Partei- e weiderzeree- chen.

Schonn an enger Motioun vum 11. Mee 2000 hat d'Chamber opgrond vun enger In- terpellatioun, déi ech deemools gemaach hat iwwert d'Justice pénale, eestëm- meg d'Regierung opgefuerdert, fir eng Verbes- serung vun der recht- lecher Stellung vun de Victim- en duerchzeféieren. A wéi annerhal- left Joer no där Motioun do déi viregt Regie- rung nach ëmmer kee Projet de loi depo- néiert hat, hunn ech selwer d'Initiativ geholl a probéiert, esou en Text an déi legislativ Prozedur eranzeginn.

Ech hu mech haaptsächlech inspiréiert ge- hat um belsche Gesetz vum 12. März 1988, der sogenannt „loi Franchimont“, wéi och vun eenzelne franséischen a Schwäizer Texten, déi alleguerten am Virfeld schonn d'Rechter vun den Affer eropgesat haten.

Meng Proposition de loi huet sech also haaptsächlech dorop ausgeriicht, fir de Code d'instruction criminelle ofzeännere respektiv fir punktuell Ofännerungen um Code pénal respektiv um Gesetz vum 12. März 1984 iwwert d'Entschiede- gung vu verschidden Affer ze maachen.

Déi viregt Regierung haut 20 Méint méi spët no mengem Dépôt, also am Mee 2003, hire Gesetzesprojet zum selwechten Thema an der Chamber erabruecht. E Gesetzesprojet, deen natierlech méi breet ausgeriicht war wéi meng Proposition de loi, wou awer d'Zil- setzung ganz ähnlech waren.

Et war awer esou, dass deemools d'Regie- rung relativ schnell schonn huet missen een Deel vun hirem ursprüngeleche Projet oftren- nen. Dat war deen Deel iwwert d'anonym Zeienaussoen, wou opgrond vun de relativ heftege Reaktiounen vun der Politik, mä haaptsächlech awer och aus dem Justiz- milieu décidéiert gi war vum Justizminister, fir deen dote Projet lasszetrennen, fir dass kann deen aneren, deen iwwert den Afferschutz, eigen- tlech zügeg virugoen.

Et ass awer net zügeg virugaangen. Dat war dann do net méi d'Schold vun enger Regie- rung, dat war och net d'Schold vun der Chamber, déi sech ëmmer erëm fir deen dote Projet interesséiert huet, mä de Grond louch u sech haaptsächlech un negative Reaktiounen vu ganz ville Justizorganen, déi hir Avisen zu Proposition de loi a Projet de loi eragereecht hunn.

Och de Statsrot huet sech, wahrscheinlech opgrond vun där negativer Grondhaltung vum Justizapparat - wann ech dat därerf esou soen -, zu eenzelnen Neierungen, déi proposéiert waren, ganz, ganz vill Zäit ge- loosst, ier en da schlussendlech en Avis vir- geluecht huet - en Avis, deen och da ganz kritesch zu eenzelnen Aspekter vun der Pro- position de loi respektiv vum Projet de loi war.

D'Aarbechten an der Kommissioun, dat wëll ech betounen - dat gëllt fir praktesch sämt- lech Projeten, déi mer an dëser Period an der juristescher Kommissioun duerchgaan- gen hunn -, hu mer am Fong virgeholl mat deem néidege Seriö, awer och mam Wëllen, fir virunzekommen an och praktesch en Text herno ze hunn, deen och ka schnell ëmge- sat ginn, deen also och wierklech praticabel ass an der praktescher Auswärtung.

Lëtzebuerg - dat wëll ech soen - betrëtt hei kee juristescht Neiland. Et gëtt eng ganz Partie vu Länner, déi scho méi laang deen dote Schrëtt gemaach hunn, dee mer elo maachen an deen eigen- tlech och keng Re- volutioun duerstellt, well et Iddiën sinn, déi och an enger ganzer Rei vun internationa- len Texten verankert gi sinn, Texten op där enger Säit vum Conseil de l'Europe, wou et eng ganz Rëtsch vun Texten gëtt, Recom- mandatiounen gëtt, Resolutiounen gëtt vum Europarat zu deemselwechten Thema, awer och eng Kaderdécisioun vum Europäesche Conseil vum 15. März 2001 iwwert de Sta- tut vun den Affer bei Strofverfahren.

Ech hätt mer perséinlech gewënscht, dass mer op deem engen oder anere Punkt hätte kënne e Schrëtt méi wäit goe wéi dat, wat mer schlussendlech gemeinsam festgehal- e hunn. Mä dat hätt sécherlech zu gréissere Komplikatounen an de Prozedure gefuert an dat hätt et onméiglech gemaach, dass mer elo en Text nach virun Ofschloss vun dëser Mandatsperiod an der Chamber hei hätte kënne definitiv diskutéieren an och ofstëmme- n.

Duerfir och d'Erkenntnis, dass et besser ass, vläicht e bësse manner wäit ze goen, mä dofir awer méi schnell virunzekommen.

Et ass awer och ganz kloer, dass fir mech selwer an och fir meng Partei dat Gesetz hei kee Schlussschrëtt zitt ënner eng legislativ Entwécklung, wat den Afferschutz ugeet. Och am Ausland geet déi Entwécklung stet- teg weider. A se geet ëmmer erëm a Rich- tung, fir de Geschiedegte vu Strofdote méi Rechter zougestoen am Virfeld an och während engem Prozess an och nom Pro- zess. Dat ass e Volet, iwwert deen een och nach eng kéier muss hei zu Lëtzebuerg eng Diskussioun féieren.

Dëst Gesetz leet eng Rei vu minimale Re- gele vir, déi awer, wann ee se zesum- menhëlt, duerchaus engem regelrechte Sta- tut vum Affer gläichkommen. Mä et ass rich- teg, et ass de wesentleche Punkt, d'Affer kritt ewell d'Recht, fir iwwer all decisiv Etappe vun enger Strofinstruktioun infor- miéiert ze ginn.

Et ass awer diskutabel, ob een dat dote Recht net hätt sollen och op d'Urteil sel- wer ausdehnen. Zu Lëtzebuerg ass elo net virgesinn, och an deem heiten Text, dass een zum Beispill automatesch eng Kopie vum Urteil zougestallt kritt, wou ee selwer als Geschiedegte mat an deem Dossier im- plizéiert war. Och ass net virgesinn, dass de Geschiedegten an iergendenger Form mat implizéiert ass herno an de Strofvollzuch. Et gëtt Länner, déi deen dote Schratt scho ge- maach hunn, déi do méi wäit gaange sinn. Do sollt ee vläicht nach eng kéier kucken, wéi an der Praxis an deene Länner d'Erfah- runge ware mat esou Systemen, an dann iwwerleeën, ob een net och an enger zweeter Phas eng Ausweitung vun de Rechten vun de Geschiedegten, vun den Affer an de- nen eenzelne Strofdossieren nach ka vir- huelen.

Op jidde Fall mengen ech, dass déi nächst Regierung gutt berode wär, nach eng kéier op méi rezent internationalen Texten ze ku- cken, wéi eng Recommandatioun a Resolu- tioun aus dem Joer 2006 vum Europarat an deem doten Domän, deem de Regierungs- rot och nach net Rechnung gedroen huet, well deen Text hei ass schonn 2003 an der Chamber deponéiert ginn. Do sinn nach eng Rei vun zousätzlechen Ouverturen uge- deit, déi ee ka maachen, fir nach eng kéier dat Statut vum Geschiedegten nach méi staark ze maachen, wéi dat elo schonn duerch déi heiten Texten geschitt.

Ech wollt och nach e puer méi prinzipiell Iwwerleeunge maachen. Ëm wat geet et ei- gentlech bei deem Afferstatut?

Ech mengen, et geet dorëm, fir en duebelt Zil ze erreechen. Op där enger Säit geet et ëm de Schutz vum Affer, op där anerer Säit awer och ëm d'Bedelegung, ëm d'Partici- pation vum Affer an engem Dossier, deen hien direkt eppes ugeet, well hien deen di- rekt Geschiedegten ass vun enger Strofdot.

Et ass natierlech net einfach, international eng Harmoniséierung vun deene Regeln ze kréien, well et völeg verschidde Strofsys- temer gëtt, Rechtssystemer gëtt an Europa, déi zum Deel inkompatibel sinn ee mat deem aneren. Duerfir wäert ëmmer an deem heiten Domän eng relativ large Marge d'appréciation bestoen an deenen eenzelne Staten. An déi Marge, déi eis als Lëtzebu- erger Stat, als Lëtzebu- erger Chamber zou- steet an deem dote Beräich, sollt mer och an deenen nächste Jore weider notzen.

Mir hunn dovunner ofgesinn, obwuel dat och ëmmer erëm gefrot gëtt, och an der Doctrine gefrot gëtt, fir eng legal Definitioun vum Affer ze maachen. An der Belsch ass dat gemaach ginn. A Frankräich gëtt et och esou an der Introduktioun vum Code d'in- struction criminelle de Versuch vun enger Definitioun. Mir hunn dat si geloost opgrond vun Awänn, déi och de Statsrot op deem dote Punkt gemaach huet. Sou dass zu Lët- zebuerg nach ëmmer sech hei op d'Juris- prudenz ka referéiert ginn, déi awer natier- lech no an no och esou eng Definitioun vun där Notioun erausgeschafft huet.

Déi Fro, déi sech awer sécherlech wäert stellen, op déi mer och müssen eng Äntwert fannen - an aus där Fro do, oder villméi aus där Äntwert ergi sech eng Rei vu Konse- quenzen, wat den Afferstatut ugeet -, ass déi Fro, ob d'Erëmguttmaachung sech aus- schlieslech op eng finanziell Entschiede- gung beschränkt oder ob net och d'Veuer- teilung vum Täter een Deel vun där Erë- mguttmaachung fir d'Affer ass.

An der classescher Theorie, wéi se och sech haut an eise Regeln erëmspiilt, gëllt nëmmen dat eent. Et ass u sech net d'Affer, wat an iergendenger Form mateschwätzen huet an der Verfolgung vun enger Strofdot, déi ugesi gëtt ausschlieslech als Atteinte à l'ordre public, an net als eng Atteinte à des intérêts privés.

Et gëtt awer Länner, déi deen dote Schratt gemaach hunn an déi am Fong d'Erëmgutt- maachung och gesinn deelweis als eng Fro,

déi och mat der Veruerteelung vum Täter ze doen huet. Doraus ergi sech natierlech eng Rei vu Konsequenzen, wat herno d'Rechter vum Geschiedegte sinn, wat eng pénal Instruktioun ugeet.

Déi Iddi, dass d'Affer och méi eng aktiv Roll soll spillen, dass mer a Richtung Ausgläich tëschent Affer an Täter musse kommen, dat ass am Fong och erëmgespigelt an der Iddi vun der Médiatioun. D'Médiatioun ass jo de Versuch, fir déi zwou Parteie beieneenze-bréngen, fir en Ausgläich an iergendenger Form och ze fannen tëschent deenen zwou Parteien. Hei huet also schonn d'Affer vill méi eng aktiv Roll, wéi dat an engem klas-schesche Strofprozess oder bei classesche Strofprozessregelen de Fall ass. Dat ass eigentlech eng gutt Saach. A mir mengen, et sollt een an deem dote Sënn och nach wei-der lwwerleeungen an Zukunft ustellen.

Et ass awer scho positiv, sécherlech, och wann d'Affer net beim Strofmooss direkt awierkt an och am Strofvollzuch eigentlech bis elo guer keng Roll zu Lëtzebuerg huet, dass awer kloergestallt ass, dass d'Gericht bei der Festleeung vun der Strof schonn d'Situatioun vum Affer kuckt a schonn och muss kucken, dass d'Entscheidungeg vum Affer e wichtige Punkt ass, dass dee gekuckt gëtt. An och bei der Libération conditionnelle ass dat e wichtigen Aspekt, dee muss vum Riichter gekuckt ginn, wann en eng Décisioun hält iwwer eng fréizäiteg Entloossung vun engem Verurteilten.

Ganz zefridde si mer als LSAP doriwwer, dass eng laang Fuerderung vun eis elo och hei iwwerholl ginn ass, fir eng Verbesserung nach duerchzeféiere vun der staatlecher Af-ferentschiedegung, déi, mengen ech, hir Preuven hei zu Lëtzebuerg gemaach huet, och wann net schrecklech vill Leit dovunner Gebrauch maachen.

Dat si keng riseg Zommen, déi eigentlech och do verdeelt ginn. Ech froe mech, ob do d'Informatioun un déi Betreffen déi ass, wéi se eigentlech misst sinn. Ech géif mengen - aus dem Gefill eraus einfach -, dass eigentlech méi Leit missten awer an dee Beräich vun deene Leit fannen, déi theoretesch kéinten en Usproch op eng staatlech Ent-schiedegung kréien, well eben den Täter zahlungsonfäeg ass oder well den Täter, wat jo ëmmer nach oft virkënn, net bekannt ass. A wa keng aner Assurance oder eppes opkënn, da kann ee sech jo da bannent engem gewëssenen Délai, wann een e Schued hat, ënner gewëssene Konditiou-nen un déi staatlech wennen.

Ech froe mech, wéi gesot, ob do d'Informa-tioun esou ass, dass jiddwereen, deen an deem dote Fall ass, och wierklech vun där Méiglechkeet do Gebrauch mécht, déi zën-ter 1984 - Lëtzebuerg war deemools ee vun den éischte Länner, déi esou e System ha-ten - ënnert dem Robert Kriepe agefouert ginn ass, ob also jiddweree vun där Ge-leeënheet hei och Gebrauch mécht.

Positiv ass och ouni Zweifel, dass d'Zivilpar-tei beim Strofprozess och prinzipiell en Urecht op eng Prozedurentscheidungg kritt. Ech muss soen, do hat eist Geriicht dunn eng e bëssen - a mengen Aen - contestabel Interpretatioun gemaach. Si hu gesot, d'Indemnité de procédure, déi an all Zivilprozess ka vum Geriicht verhaange ginn, wa se mengt, dass et ongerecht wär, dass déi Partei, déi eigentlech gewënnt, muss en Deel vun anere Käschten nach mat iwwerhuele wéi d'Affekotskäschten, dass d'Gerichter gesot hunn: „Neen, dat do steet am Nouveau code de procédure civile an et steet net am Code d'instruction criminelle, an esou kann och bei enger Zivilklo virum Strofriichter de Strofrichter déi Indemnité de procédure net ginn.“ Dat ass déi gängeg In-terpretatioun, och vun den ieweschte Ge-riichter hei bestätegt entre-temps.

Duerfir ass et, mengen ech, wichtig, dass mer dat korrigéieren an dass, wann et sech ëm Zivilkloen am Kader vun engem Strof-prozess handelt, déi d'selwecht behandelt ginn, wéi wann déi Zivilklo virun engem Zi-vilgeriicht virgedroe gi wär, an dass et méig-lech ass also, dass do d'Affer en Deel vun den Affekotskäschten iwwer eng Indemnité forfaitaire kann eigentlech op d'Géigepartei ofwälzen. Dat ass, mengen ech, e ganz nätzleche Complément, deen an deem Pro-jet hei steet.

Eng Iddi, déi ech nach a menger Proposi-tion de loi hat vun 2001, war och eng Verstärkung vum SCAS, de Service also vum Parquet, dee sech ënner anerem och mat der Betreierung vun den Affer befaasst. Mir hunn och déi Vertriederin an eisen Aar-bechten an der Kommissioun gehéiert.

Et sinn 1,5 Poste vu Psychologe momentan besat. Dat schéngt a priori relativ wéineg ze sinn; ech muss et soen. Si hunn zwar net haart genuch geruff, fir eng grouss Opsto-ckung ze kréien, mä - muss ech soen - an der Envergure trotzdeem vun der Problema-

tik schéngt mer dat awer den absolute Mini-mum ze sinn.

Et wär sécherlech och nätzlech, wann de Stat, d'Regierung, géif drun denken, fir wei-derhin déi dote Servicer mat genügend Per-sonal ze versinn. Wéi et och wichteg ass, dass een iwwert d'Konventioun och d'Aar-becht vu gemengnätzlechen Organisatiou-nen ënnerstëtzt, déi am Beräich Hëllef a Be-rodung fir Affer tätég sinn. Dat sinn der eng ganz Partie. Hei gëtt zum Deel eng immens wäertvoll an zu engem gudden Deel och eng bénévolé Aarbecht geleeuscht. Et ass och wichtig, dass do eng staatlech Uner-kennung fir d'Aarbecht vun deenen Asso-ciatioune kënn.

Interessant - dat wëll ech och soen - schéngt mer eng Suggestioun ze sinn, déi vun der Association des victimes de la route an eiser Kommissioun gemaach ginn ass, déi op eng Rei vun auslännesche Législa-tiounen higewisen hunn a gesot hunn, dass et a Frankräich, an Däitschland, an der Belsch scho méi laang Regele gëtt, déi am Fong garantéieren, dass sougenannte vul-nérabel Persounen am Stroosseverkéier bei engem Accident en absolut Recht op In-demnisation hunn; dass also d'Scholdfro bei deenen net gekuckt gëtt. Dat gëllt fir Kanner, dat gëllt fir eeler Leit, déi also do e Recht op Entscheidung hunn.

Dat gëtt et an anere Länner. Ech weess, dass den Assurancësecteur net freedeg ass iwwer esou Bestëmmungen. Nach men-gen ech, dass mer an der nächster Man-datsperiod sollten als Chamber och op déi dote Fro agoen a kucken do eng Regelung ze fannen, déi et méiglech mécht, fir esou besonnesch vulnérabel Persounen zu de Gruppen, déi e spezielle Statut bei der Ent-schiedegung bei Verkéiersaccidenter hunn, zoukommen ze loossen. Dat ass op jidde Fall och e Punkt, dee mir an eisem Wahlpro-gramm festgehalten hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass, also wann ech den Text kucken, wéi en elo virläit, eng Rei vu wesentlechen Elementer, och vu mengem Gesetzesvirschlag vun 2001, en Nidderschlag fonnt hunn an deem Text, deen elo hei vun der Chamber propo-séiert ginn ass an deen de Rapporteur, den Här Mosar, hei virgedroen huet.

Ech mengen, dass effektiv eng ganz Rëtsch vu Neierungen dra sinn, déi e Fortschrétt duerstellen, besonnesch wat déi Fro vun der Klasséierung vun den Dossierien ugeet. Ech wëll nach eng kéier soen: Dat ass jo kee Seltenheetsfall. Ech mengen, déi Leit, déi an der Commission juridique an der Ver-gaangenheet ëmmer derbäi waren, well mer déi eenzel Dossierie vun den Naturalisa-tioune gekuckt hunn: Mir hu festgestallt, wi-vill Procès-verbaux vun der Gendarmerie ei-gentlech ouni Suite bliwwen sinn, a wou mer och op Nofro meeschtens gesot kritt hunn, dass et eigentlech net zu engem Prozess komm ass an deenen eenzelne Fäll.

Dat gëtt nach bestätegt duerch d'Lecture vun deem leschte Rapport d'activité vum Ministère de la Justice, wou ech draus lie-sen, dass am Justizjoer 2007/2008 vum Pa-rquet Dikrech knapp 1.800 Affäre klasséiert gi sinn, an am Parquet Lëtzebuerg waren et der bal 5.500. Et sinn also iwwer 7.000 Affä-ren, déi an engem Joer klasséiert gi sinn.

Ech weess, dass den Här Frieden eng kéier virun e puer Joer gemengt hat, et dærft ei-gentlech a korrekionellen Dossierien net zu Klassemementsdécisioune kommen. D'Praxis beweist, dass sech dat net duerchzéie léisst, dass et oft sécherlech gutt Grënn gëtt, fir ze klasséieren.

Nach ass et awer wichteg, dass déi Leit, déi direkt mat där Affär ze dinn haten, notam-ment déi Geschiedegt, awer gewuer ginn, dass klasséiert gëtt, a virun allem och ge-wuer ginn, firwat dass klasséiert gëtt. Dat ass immens wichteg. An Zukunft ass et jo och esou, dass och kloergemaach gëtt, wann d'Leit mat där Klassemementsdécisioun net d'accord sinn, dass se sech fir d'éischt emol kënnen un de Procureur général riich-ten, fir nach eng kéier vläicht eng aner Dé-cisioun vum Parquet ze kréien. Respektiv si müssen dann iwwer eng Constitution de partie civile oder eng Citation directe pro-béieren dann hiert Recht op dem direkte Wee virun de Strofgeriichter ze kréien.

Wat wichteg ass, dat ass, dass et hei ëm-mer méi kloer gëtt, dass en Affer an engem Strofdossier méi ass wéi en einfachen Zeien, e reng passive Sujet an esou engem Dossier. Eis Strofprozessregel war bis elo ausschliesslech täterorientéiert. An Zukunft gëtt se e bësse méi afferorientéiert. An dat ass, mengen ech, richtig esou. Mir kom-men och domadder dem Zil e bësse méi no, eist Justizwiesen nach e Stéck méi transpa-rent, méi demokratesch an och méi zougänglech ze maachen.

Dat hei ass eng éischt, eng wichteg Etapp,

wat den Afferschutz ugeet. Et wäerten nach aner Etappe mussen nokommen. Ech dré-cken heimadder och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem heiten Text aus.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Da kënn als éischt Riednerin d'Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Christine Doerner (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi e Land am Spannungsfeld vun engem Strof-prozess déi widderstriedend Interesse vum Affer déi eng Sait a vum Täter déi aner Sait ofgrenzt, ass e Barometer vu senger recht-lecher a vu senger politescher Kultur. De Bierger erwaart no enger Strofdot eng Reak-tioun vum Stat respektiv vum Täter. Dat wëllt soen: D'Victime huet emotionell a materiell Erwaardungen. Et wëllt verstoen, wat ge-schitt ass. Et wëllt matschwätzen. Et wëllt sech matdeelen. Et wëllt informéiert ginn an informéiert bleiwen.

Et erwaart selbstverständlech, dass den Au-teur verfollegt a bestrooft gëtt. Net, well et sech wëllt rächen. Neen, well et am Fong geholl wëllt den Deuil mat där Attack maa-chen, mat deem, wat em geschitt ass, a selbstverständlech och aus Solidaritéit, fir aner potenziell Victimen ze schütze virum présuméierten Täter. De Beschëllegten déi aner Sait huet selbstverständlech an der Regel ëmmer den Intérêt, sech géint déi Scholdvirkwërf ze verteidegen.

Bis elo ass am Prozess selwer d'Victime éischter lénks leie gelooss ginn. Et muss een awer soen, an deene leschten 20 Joer ass awer sougut international wéi national eng Tendenz ëmmer méi steigend ginn, déi zu enger afferorientéierter Politik gefouert huet. Ech denken do haaptsächlech un As-sociatioune wéi de Wäisse Rank, wéi d'Aide aux victimes de la route, déi villen Affer op eng schnell, gutt an och ganz onbürokra-tesch Aart a Weis hëllefen.

Ech denken, wéi elo just den honorabelen Här Bodry gesot huet, un dat staatlecht Af-ferentschiedegungsgesetz vun 1984. Selbstverständlech zielt och derzou d'Mé-diation pénale an och de Service d'aide aux victimes vum Parquet général, de SCAS.

Ech muss awer derbäi soen, dass et awer och den Afloss vun der Fraepolitik ass, dass méi Opmierksamkeet op d'Affer gericht ginn ass. An dat zënter enger ganzer Rei vu Joren. Mir brauche just ze denken un d'Fraenhaiser, un d'Gesetz iwwert d'häus-lech Gewalt, wou och d'Affer scho ge-schützt gëtt duerch dat Gesetz vun der Vio-lence domestique, an zwar op eng ganz ex-traordinär an exceptionnel Aart a Weis, a selbstverständlech un dat ganz rezent Ge-setz iwwert d'Protection des victimes de la traite des êtres humains, wou d'honorabel Madame Duval Rapportrice war viru 14 Deeg.

Mä niewent enger finanzieller a schützender Hëllef brauch d'Affer seng eegen uner-kannte Plaz am Strofprozess selwer. Dofir kritt et elo, wéi dat elo virgefouert ginn ass vun deenen zwee Rapporturen, eng ganz Rei vun Informatiounsrechter an och Schutzrechter. Dat wëllt soen: Seng Stellung vis-à-vis vun der Polizei a vis-à-vis vun dem Riichter gëtt verstärkt, d'Affer gëtt seriö ge-holl an et brauch am Fong geholl...., et gëtt em e bëssen déi Angscht geholl, fir sech an e Prozess eranzemëschen.

Zum Schluss wëll ech félicitéieren den ho-norabelen Här Laurent Mosar an Alex Bo-dry fir hiert Engagement, fir hir Ausdauer a fir hir exzellent Aarbecht an deem Projet. Well duerch dësen neie Projet, wéi ganz re-zent e bedeitende belsche Penalist gesot huet, niewent der Présomption d'innocence schafe mer och elo eng Présomption de vic-time.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Doerner. Dann huet d'Wuert d'Madame Flesch. D'Madame Flesch war elo just nach hei. Dann...

(Interruption)

Do ass d'Madame Flesch.

(Interruption)

Kee Problem.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen, de Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, an d'Proposition de loi, déi den Här Bodry déposéiert hat, hunn am Fong datselwecht Zil. An ech géif soen, dass d'Proposition de loi vum Här Bodry, déi 2001 déposéiert ginn

ass, sécherlech de Mérite huet, dass se d'Regierung derzou bruecht huet, 2003 de Projet de loi ze déposéieren.

Mir wësse jo, wéi déi Saache ginn. Ganz oft muss fir d'éischt eng Proposition de loi kom-men, fir dass dann d'Regierung e Projet de loi ausschafft, wat am Fong datselwecht Zil huet. An ech mengen, déi Aarbecht hei war ganz positiv, well, wéi de Rapporteur et ge-sot huet, et ass an der Commission juri-dique op deen een an op deen aneren Text zrëckgegraff ginn. Mir hunn och, mengen ech, en definitiven Text hei virleien, deen dat Bescht ass, wat mer dëse Moment an deem Beräich kënnen errechen.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet de Mérite vum Rapporteur ganz besonnesch ervir-sträichen. Wa mer nämlech haut kënnen iw-wert dee Projet de loi ofstëmmen, dann ass et, well hie sech net ginn huet. Meng Virried-ner hu schonn drop higewisen, op wat fir Resistenze mer gestouss si bei den In-stances judiciaires mat deem Projet; wat och derzou gefouert huet, dass de Conseil d'État sech Zäit gelooss huet, fir sän Avis ze ginn.

Et ass de Rapporteur, deen dunn dorop ge-drängt huet, dass mer onbedéngt misste vi-rumaachen a kucke Léisungen ze fannen, fir d'Opposition formelle vum Statsrot ze sur-montéieren a fir kënnen nach virun Enn vun dëser Legislaturperiod dëse wichtigen Text ze stëmmen. Ech mengen, et ass eng ganz gutt Saach, dass mer dat elo hei kënne maachen. Ech wëll em dofir fir sän Asaz an och fir déi vill Léisungen, déi e proposéiert huet, Merci soen.

Ëm wat geet et hei? Et ass scho gesot ginn. Et geet drëm, der Victime e Statut ze ginn a Schutz ze offréieren, Zougank zu dem Dos-sier an eng Informatioun tout au long vun der Prozedur.

Et ass och scho gesot ginn, dass de Projet de loi verschiddene Recommandatioune vum Conseil de l'Europe Rechnung dréit, an och enger Décision-cadre vun der Europä-escher Unioun aus dem Joer 2001. Also, mir beschreiden hei keen neien Terrain. Aner Länner hu scho Gesetzgebungen an deem Zesammenhang. Et ass och Zäit, dass mer esou en Text hei kréien.

E Statut, do kann ee sech froen: woufir? An: Ass dat esou wichteg? Or, d'Associatioune vun de Victimen an déi Leit, déi berufflech an deem Secteur tätég sinn, hunn alleguer-ten drop insistéiert, wéi wichteg et fir en Af-fer ass, e Statut ze hunn, also eng Berech-tegung, fir an esou engem Strofverfahre kënnen opzetrieden.

Da mengen ech ass eppes ganz Wichteges an deemem Projet gemaach ginn: D'Aart a Weis, wéi d'Affer sech kann zu Wuert mel-len, ass am Fong eng ganz einfach. Dat geet iwwert den Dépôt vun enger Plainte. An et gëtt nach weider gesot, dass d'Re-pressivautoritéite vun Ufank un d'Obliga-tioun hunn, d'Affer opmierksam ze maa-chen, wat seng Méiglechkeete sinn.

An ech mengen, dat ass e wesentleche Punkt an deemem Projet, dass déi Prozedur fir d'Affer esou einfach wéi méiglech gehale gëtt, geneesou wéi et wichteg ass, wat duerno an der Prozedur virgesinn ass, dass d'Affer tout au long vun der Prozedur infor-méiert gëtt, dass d'Affer eng Kopie vu sen-ger Plainte direkt kritt.

Mir hu laang missen an der Kommissioun driwwer diskutéieren, an den Här Mosar huet drop higewisen. Et freet ee sech, wéi-sou. An der Belsch, zum Beispill, ass et an alle Fäll esou, dass, wann een eng Plainte mécht, kritt een direkt, op der Dot eng Ko-pie vu senger Plainte. Dat huet geschéngt hei op oniwirwindlech Schwieregkeeten ze stoussen.

Bon, mir hunn awer do elo e Moyen fonnt. Entweder kritt d'Victime d'Kopie vu senger Plainte direkt, oder, wann dat net méiglech ass, wann dat an der Nuecht geschitt ass an et ass kee Computer disponibel an esou weider, da muss awer déi Kopie bannent engem Mount un d'Affer verschéckt ginn. Ech fannen, dat ass och eng ganz wichteg Saach.

Et ass och wichteg - dat ass hei och scho gesot ginn, mä ech wëll et nach eng kéier ënnersträichen -, dass, wann de Procureur décidéiert, eng Affär ze klasséieren, da muss d'Victime gewuer ginn, woufir. A si

huet d'Recht da beim Procureur général virzespriechen, fir ze froen, dass deen de Procureur enjoignéiert dach eng Suite ze ginn.

De Rapporteur huet drop higewisen, dass dat ee Punkt wor, wou mer mam Conseil d'État bis zum Schluss Difficultéiten haten. Mä schliesslech huet de Conseil d'État, mengen ech, selwer ons de Wee proposéiert, wéi mer aus där Difficultéit erauskommen. Anstatt do eng Institutionalisation vun där Prozedur virzegesinn, ass et elo einfach nëmmen eng Informatioun. D'Haaptsaach ass, dass d'Victime gewuer gëtt, wat geschitt.

De Projet gesäit och vir, dass bei Mineuren, wann déi Victime sinn, dass do en Enregistrement sonore oder audiovisuel zur Regel gëtt. Dat schéngt mer och eng gutt Saach.

Ech wëll, Här President, net op all déi Punkten agoen, op déi souwuel de Rapporteur wéi den Auteur vun der Proposition de loi am Detail agaange sinn. Ech wëll awer drop hiweisen, dass den Auteur vun der Proposition de loi a sengem Text eng Bemierkung gemaach huet, déi mer terribel wichteg schéngt.

En huet gesot: Et ass wichteg, dass mer légiférieren, mä dat geet net duer. Fir dass dat do, déi Reform, wierklech den Impakt kritt, dee mer ons alleguerte wënschen, muss och um Terrain ganz vill Aarbecht gelescht ginn, souwuel vun den Organes judiciaires wéi och vun all deenen, déi sech fir de Schutz vun den Affer asetzen.

Et mussen also mënschlech a materiell Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir dass dat do Gesetz effektiv kann op déi Aart a Weis ëmgemat ginn, wéi mir ons et alleguerten an der Commission juridique virgestallt hunn. Et muss also de politesche Wëllen do sinn op allen Niveauen, dass d'Victime eng Prioritéit huet.

Här President, de Rapporteur huet a senge Schlussbemerkungen nach drun ernnert, dass de Projet de loi am Fong en Deel ass vun engem méi grousser Projet, dee vun der viregter Regierung déposéiert ginn ass. Deen Deel iwwert de Schutz vun den Temoinen a vun Témoignages anonymes, deen ass zrëckgestallt ginn. Dat ass schonn en long et en large diskutéiert gi beim éischte Projet de loi, dee mer de Mëtteg diskutéiert a gestëmmt hunn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech géif mech dem Wonsch vum Här Mosar wëllen uschlëssen. Dës Regierung huet gesot: Dee Projet ass vum Dësch. Dee Wonsch ass respektéiert ginn. Nach mengen ech, muss déi nächst Chamber an déi nächst Regierung sech erëm eng Kéier dësem Problem unhuelen. Ech géif wënschen, dass dann d'Diskussioun kann an aller Serenitéit gefouert ginn an zu engem gudden Enn gefouert ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Of-schlëssend, Här President, wäerte mir selbstverständlech dee Projet stëmmen an droen domadder zu där Unanimitéit bäi, déi sech de Rapporteur gewënscht huet.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Félix Braz huet elo d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll och fir déi gréng Fraktioun ausdrécklech dem Rapporteur an och dem Här Alex Bodry, dem Auteur vun der Proposition de loi, Merci soen. Dem Rapporteur, well en effektiv och perséinlech derfir gesuergt huet, dass mer dee Projet nach virum Enn vun dëser Legislatur kënnen stëmmen, och wann deen Text net honnert Prozent d'Meenung vun der Kommissioun ermëngt.

Ech mengen, et war eng Majoritéit an der Kommissioun, fir nach op deem engen oder aneren oder haapsächlech op deem enge Punkt den Text nach e bëssen anescht ze maachen. Mir wollten awer net deen Text net zur Ofstëmmung brénge virum Enn vun dëser Legislatur. Duerfir hu mer dee Kompromëss mam Statsrot gemaach. E Kompromëss, deen ech awer fir akzeptabel halen, och fir déi gréng Fraktioun.

Dem Här Bodry wëlle mer Merci soen, well den Här Bodry och duerch seng Initiativ vun enger Proposition de loi maassgeblech dorunner bedeelegt ass, dass deen Dossier och un d'Rulle komm ass. Mir hunn dat bei anere Matièreen och schonn erlieft, dass do d'Parlament sech e bëssen emanzipéiert huet an deene leschte puer Joer, dass d'Parlament méi Initiativen hëlt. An ech mengen, et feelt net méi allze vill u Selbstvertraue fir d'Parlament, fir dass mer dat och nach méi konsequent an den nächste Jore maachen...

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - ...an dass mer an Zukunft och an deene Fäll, wou et eng Proposition de loi gëtt, wou d'Regierung dann - wéi soll ech soen? - e Géigeprojet de loi mécht oder e komplementare Projet de loi mécht, nawell an der Haaptsaach op eiser Basis solle weiderschaffen an de Projet de loi vun der Regierung als eng très utile a fouilléiert Aarbecht, als Hëllef zu eiser Aarbecht solle considérieren.

Ech mengen, dass d'Parlament dat roueg heiansdo sollt maachen. Et ass keng Geréngschätzung vun der Aarbecht vun der Regierung, mä et ass einfach, mengen ech, méi en Héichhale vun der Aarbecht vum Parlament. Dat hei ass am Fong e gutt Beispill, wat awer nach ka verbessert ginn an den nächste Joren. Dofir ausdrécklech dem Här Bodry vun eiser Säit aus och Merci, well dat hei ënnert dem Stréch fir eis awer e Beispill ass vu gudder parlamentarescher Aarbecht, wat mer haut hei diskutéieren.

Et héiert ee jo oft dee Saz, dass Täter méi Rechter hu wéi Affer. Dat héiert een net nëmmen zu Lëtzebuerg, dat héiert een och an anere Länner. Mir mengen net, dass dat onbedéngt de Fall ass, dass Täter, oder présuméiert Täter, well bis zur Verurteilung sinn et nëmme présuméiert Täter, ze vill Rechter hätten. Dat sinn normal Rechter vun der Défense an d'Présomption d'innocence, déi bréngt dat mat sech, dass een do ganz virsiichteg ass a Leit net an hire Rechter beschneit, wat quasi enger Virverurteilung géif gläichkommen.

Trotzdeem ass et esou, dass d'Affer effektiv an tatsächlech net genuch Rechter an net genuch beschriwwen Rechter zu Lëtzebuerg bis haut hunn. Soss bräichte mer dee Projet de loi haut net zur Ofstëmmung ze bréngen, wann an där doter Matière näischt ze verbessere wier.

Et ass awer munches ze verbessern, an déi gréng Fraktioun ass och dofir bereet, dësen Text haut matzestëmmen, well mir halen deen Text fir e ganz akzeptabele Kompromëss a fir eng ganz dätlech Verbesserung aus der Vue vun den Affer vu Strofdoten.

Ech ginn net an den Detail an, dat hunn déi zwee Rapporteurs scho gemaach; wëll just dräi, véier Punkten ënnersträichen, déi fir déi gréng Fraktioun wierklech besonnesch wichteg sinn.

Et ass natierlech engersäits de Fait, dass d'Affer vu Strofdoten e Statut kréien. Deenen engen ass net genuch an deem Statut, deenen anere war scho bal ze vill an deem Statut. Mä zumindest gëtt et elo e Statut, deen déi Rechter och kloer beschreift. An ech mengen, dass dat eleng deene Leit och e Stéck Réconfort an Halt virun allem ka ginn, besonnesch an deenen éischte Momenter, wou se Affer sinn, an an deenen éischte Wochen a Méint, wou se mat der Prozedur ze di kréien.

Dofir si mer der Meinung, dass dee Statut alles anescht ass wéi e Luxus, dass dat eng absolut Noutwendegkeet ass, besonnesch fir déi Leit, déi net esou doheem sinn an deene Prozeduren, besonnesch fir déi Leit, déi net gewinnt sinn, mat Magistraten ze dinn ze hunn. Déi sinn ënnert dem Schock vun där Dot, déi hinnen ugedoe ginn ass, ganz oft och nach komplett ausgliwwert virun der Prozedur, an dofir menge mir, dass déi Verbesserungen, déi mer haut bréngen, doduerch, dass mer se an dee Statut aschreiwen, ganz ville Leit wäerte ganz konkret a ganz wäertvoll Hëllefstellung ginn.

Wichteg ass den Zougank zum Dossier. D'Informatioun während der ganzer Prozedur hält jo am Fong missen eng Evidenz sinn. Mä dee Bléck, deen den Här Bodry scho beschriwwen huet, dee bis elo täterorientéiert war, geet eiser Meinung no och ganz zu Recht eriwuer och e bëssen op d'Rücksichtnahm op d'Affer; eng noutwendeg Entwécklung fir eis hei zu Lëtzebuerg.

Dass déi Leit eng Plainte kréien, eng Kopie kréien - pardon - vun hirer Plainte, soubal se se maachen, ass fir eis och e ganz wichteg Punkt. Doriwwer hu mer eis an der Kommissioun laang missen ënnerhalen. Et war, wéi et geschéngt huet, ee Moment bal onméig-

lech, fir esou en élémentaire Geste kennen ze maachen. Et war e bëssen d'Angscht, notamment bei de Forces de l'ordre, dass se kéinten am Alldag un där Exigenz hei scheitern, well se net ëmmer, notamment wa se eng Plainte dobausse mussen ophuelen, direkt matériellement à même sinn, déi Kopie ausstellen.

Dat hu mer diskutéiert. A mir hunn awer, wéi mer mengen, e ganz akzeptabele Kompromëss fonnt. D'Regel ass a gëtt elo ganz kloer déi, dass een direkt nom Dépôt vun der Plainte eng Kopie kritt. Dat ass keng Ausnahm, dat ass elo eng Regel, an d'Regel wäert och an den allermeeschte Fäll musse geschéien, soss ass et keng Regel.

Mä selbstverständlech do, wou et materiell net méiglech ass, wierklech materiell onméiglech ass, ass et bien entendu dann och net noutwendeg, där Exigenz direkt nozekommen, an et kann ee während den nächste véier Wochen déi Kopie de Leit nach noschécken. Mä wichteg ass, dass déi allermeeschte Leit se direkt kréien an dass all déi aner Leit se och kréie bannent engem räsonnabelen Délai. D'Police huet eis och bestätegt, dass se mat deem Text do an der Praxis keng Schwierigkeete kritt an dass awer d'Finalitéit dovunner och erreecht gëtt.

Dätlech Verbesserungen och bei de Klassen, ganz wichteg. Den Här Bodry huet och do rezent Zuele genannt. Et ass keen Epiphenomeen an der Lëtzebuurger Justiz. Et gëtt ganz vill Klassen. An dass och do d'Leit Verbesserungen zougestane kréien, schéngt eis och absolut wesentlich ze sinn. All anere Kompromëss wär fir eis net akzeptabel gewiescht.

Deen, dee mer elo fonnt hunn an der Kommissioun, fir och dem Statsrot Rechnung ze droen, ass nach en akzeptabele Kompromëss, well en der Haaptfinalitéit aus der Vue vum Affer awer nach ëmmer gerecht gëtt. Ouni dee Kompromëss hätte mer wierklech gemengt, dass hei e wesentleche Punkt am Statut gefeelt hätt an e wär vu senger Substanz awer e bësse vidéiert gewiescht.

Ganz wichtige Punkt och nach, dee leschten, dee mer wëllen ënnersträichen, ass, dass et och bei de Mineuren an Zukunft soll d'Regel sinn, dass op Enregistrierung zrëckgegraff gëtt. Och dat hale mer fir e Fortschritt. D'Regel muss Ausnahme kennen, do si mer eis eens, mä dass dat doten awer d'Regel ass, ass e ganz reelle Fortschritt fir déi dote besonnesch fragiliséiert Victimé vu Strofdoten.

Kleng Bléck no vir; well mer awer mam Vote vun dësem Text net alles gekläert hunn: Éischtens emol musse mer derfir suergen, dass deen Text och um Terrain ëmgemat gëtt. Dat heescht, dass bei der Police grand-ducale, bei all den Agenten, egal op wéi enger Schicht dass se schaffen, egal a wéi enger Region dass se schaffen, dësen Text och d'Realitéit muss ginn.

Do ass also e ganz seriösen Informations-effort vun der Regierung ze liwweren un d'Adress vun der Police grand-ducale, fir dass et an Zukunft esou ass, dass och déi Leit, wa se zum Beispill hir Plainte maachen, effektiv eng Kopie kréien. Well et ass net dovun auszugeen, dass d'Affer vun de Strofdoten an aller Regel dës Dispositioun wäerte kennen. Dee Moment wou se Affer gi vun enger Strofdot, wann dann also net d'Police déi ass, déi derfir suert, d'Leit a Kenntnis ze setze vun hirem Recht, dee Moment selwer, wou d'Plainte déposéiert gëtt, da wäert et a ville Fäll esou sinn, dass d'Leit d'Kopie vun hirer Plainte net froen.

Dofir, d'Police spillt hei e ganz wichtige Rôle, och als Dëngscht dee Moment un der Victime, fir dass dëst Gesetz ka Realität ginn.

D'personell Moyenen, notamment beim SCAS, hu mer och schonn op anere Plazen a bei anere Projekte gesot, musse verbessert ginn. Ech wëll dat haut net weider développieren.

Lescht Stéchwuert, dat, wat ech awer virdru schonn développéiert hat vum Zeieschutz, wou mer och... Ech mengen, dass déi nächst Regierung gefuereert ass, fir ze probéieren hir Äntwerten ze ginn, déi zielführend sinn, vläicht awer anerer si wéi déi, déi d'Regierung ufänglech an dësem Kontext proposéiert hat.

An allerlescht Stéchwuert, wat de Virschlag betrëfft vum AVR, déi och bei den eenzelne Fraktiounen passéiert sinn. Och mir mengen als gréng Fraktioun, grad wéi déi sozialistesch Kolleegen, dass dee speziéle Statut bei der Indemniséierung vu Leit, déi besonnesch vulnérabel sinn, eng Reflexioun wäert ass, a mir sinn der Meinung, dass an der nächster Legislatur et och misst méiglech sinn, bei deem dote Punkt zu engem Of-schluss am Parlament ze kommen.

Dat ass eng nützlech Präzisierung an eisen Aen, well grad bei deenen doten Affer, menge mer, muss d'Indemniséierung dat éischt Resultat sinn. Iwwert de Rescht kann dann duerno nach diskutéiert ginn. Mä en attendant muss et ganz einfach, ganz rapid zu enger Indemniséierung kommen.

Dat gesot, bréngt déi gréng Fraktioun och hir Zoustëmmung zu dësem Projet an, wéi gesot, nach eng Kéier Merci un de Rapporteur an un den Här Bodry.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den honorabelen Här Henckes huet d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer haut d'Geleeënheet hunn, fir eng Proposition de loi vun engem Deputéierten, en l'espèce vum Här Bodry, ze diskutéieren, wou ech och Merci soen, dass hien d'Initiativ hat, fir d'éischt, fir déi Problematik vun den Zeien opzebréngen iwwert de Wee vun enger Proposition de loi.

Ech wëll och dem Rapporteur zum Gesetzesprojet, dem Här Mosar, Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht, well mir hunn haut e wichteg Gesetz ze stëmmen, wou et absolut noutwendeg ass, dass mer eng Reform duerschuelen.

Woufir? Well jiddweree weess, deen eng Kéier eng Plainte gemaach huet, dass, wann en d'Plainte ofgemaach huet, de Polizist huet dat aktéiert, dann héiert een näischt méi an et weess een näischt méi, wat domadder geschitt. Wann een dann no enger gewësser Zäit vläicht als Zeie geruff gëtt oder esou, dann ass et vläicht nach gutt.

Mä ganz oft mécht een eng Plainte, da waart een ee Joer oder zwee oder e puer an da freet een eng Kéier, wat mat der Plainte geschitt ass. An da gëtt een da gewuer, ma si ass klasséiert ginn. Et wor just keen informéiert ginn. Et konnt ee kee Recours maachen. Et ass einfach klasséiert ginn. Woufir? Dat weess keen. Keng Motivatioun, näischt.

Dat ass eppes, wat äusserst frustrant ass. An dofir ass et scho richtig, dass mer elo op de Wee ginn, dass éischstens deen, deen eng Plainte féiert, eng Kopie vu senger Plainte an de Grapp kritt. Datt en och deen Ablack weess, dass déi Plainte dann net an der Téschenzäit redaktionell geännert ginn ass. En huet also direkt en Dokument, wat dat alles kloer festleet.

(Interruption)

Dat Zweet ass, dass et wichteg ass, dass mer och, also d'Victime oder de Plaignant, dass deen eng Informatioun kritt, wat mat senger Plainte geschitt an dass e verschidde Rechter an deem Sënn zougestane kritt.

Dat ass fir ons eppes äusserst Wichteges. An dofir wollt ech och no deene villen Explikatiounen, souwuel vum Rapporteur wéi vum Auteur vun der Proposition de loi, just mech domadder begnügen, fir den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet ze ginn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Mir huelen dann Akt dovunner an ech ginn dann dem Här Justizminister Luc Frieden d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, meng Satisfaktioun ass en fait grouss, dass mer mat dësem Projet de loi all déi grouss Chantieren, déi ech mer gesetzgeberesch an deenen zwou Legislaturperiode virgeholl hunn, dass déi kënnen op en Enn goen.

Ech muss soen, dass dëse Projet zu deene ganz wichtige gehéiert, dee mer 1999 an der Regierungserklärung stoen haten. D'Regierungserklärung also vun der viregter Regierung, an där den Afferschutz e wesentleche Punkt war a wou iwwert d'Joren am Fong jiddweree sech zu der Wichtigkeet vun deem Sujet bekannt huet an och vill ënnerschiddlech Wahlprogrammen dëst zu engem Sujet gemaach hunn.

Ech hat awer bal, muss ech soen, dëse Projet fir dës Legislaturperiod schonn opginn, well ech mer geduecht hunn: De Projet ass 2003 déposéiert ginn, mir sinn 2009, ech weess net, ob en nach kënn. Ech sinn awer duerfir extrem frou, dass dëse grouse Chantier, dank och dem Asaz vun dem Rapporteur, dem Här Mosar, hei zu engem Enn komm ass.

Ech muss och soen, an ech huele vläicht dës Geleeënheet vun dësem Projet, dee mer extrem um Häerz läit an deen hei in extenso diskutéiert ginn ass, fir ze soen, dass ech déi gutt Zesummenaarbecht tëschent der Commission juridique a mir als Justizminister an deenen zwou Legislaturperioden extrem ze schätze weess. Ech hunn et ni als

e Problem emfonnt, wann d'Chamber eppes geännert huet u Gesetzesprojeten, och wann dat heiansdo gefeiert ginn ass wéi e Réckschrétt oder Récktrëtt vu Positioune vun der Regierung.

Ech mengen, datt et eng extrem kompetent Commission juridique och an dëser Legislaturperiod war an datt et grouss Plëséier gemaach huet, un esou engem Text wéi och un dësem mat der Kommissioun ze schafen. Ech huelen dat hei stellvertretend fir vill aner Texter.

An deem Sënn war och sécherlech d'Proposition de loi vum Här Bodry e ganz utilet Instrument. Mir hunn eis op ganz ville Punkten iwwerschnidden. Ech mengen net, datt et esou ass, datt d'Regierung en Text dohinner setzt, fir géint en Text vun enger Proposition de loi ze stoen. Esou hunn ech dat ni verpuert.

Den Här Braz, dee jo sichtlech wëllt am nächste Parlament sëtzen an net an der nächster Regierung, huet gesot, mir musen an där nächster Chamber dëst an dat maachen. Ech mengen, datt béid Instrumenter...

(Interruption)

Neen, Dir hutt et op lech bezunn.

(Interruptions)

Ech sinn der Meinung, datt d'Regierung prinzipiell eng Initiativroll ze spillen huet, mä datt selbstverständlech der Verfassung no och aus dem Parlament kënnen Initiative kommen an datt, wann déi dat nämlech Zil hunn, dann ass dat extrem gutt.

Ech sinn op jidde Fall frou fir all déi Leit, déi als Affer vun dësem Gesetz kënnen profitieren. Afferschutz ass eppes Wichteges. Dëst Gesetz muss natierlech vun der Police an der Justiz applizéiert ginn. Dat wäert och net einfach ginn. Dat wäert och net vun haut op muer goen. An ech mengen, dat hei ass typesch e Gesetz, wou een och vläicht muss no e puer Joer kucken, wéi dat sech dann an der Praxis ausdehnt.

Dat wäert eng ganz Rei Ëmstellunge mat sech zéie bei dem Comportement vun der Behandlung vun esou Dossieren. Mä grond-sätzlech muss ech soen, datt déi grouss Zilsetzung, déi mer eis ginn hate bei deem Projet de loi an déi, wéi gesot, op grouss Strecken a bei den Hauptprinzipien deckungsgläich ass mat der Proposition de loi Bodry, datt déi sech am Endtext erëmfannen.

An duerfir kann ech ausser mengem Dank fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass, nëmme mä Merci derbäisetzen, fir datt dee Projet hei eng Unanimitéit um Enn vun dëser Legislaturperiod fënn.

Et ass eng grouss perséinlech Satisfaktioun. Net well ech an deenen zwou Legislaturperiode Justizminister war, mä well dat hei zu deene ganz grousses Gesetzger gehéiert vun der gesellschaftlecher Organisation. Dat ass och Gesellschaftspolitik, wann ee sech drëm bekëmmert, wéi d'Leit, a besonnesch d'Affer, virum Gericht behandelt ginn.

A wann ech déi dräi Gesetzter zesummesetzen, déi mer de Mëtteg gemaach hunn, nämlech dat vun dem Stalking, wou et och ëm Affer geet, dat ëm d'Affekoten, déi d'Kanner a Prozesser zur Säit gestallt kréien, an dëst generell vum Afferschutz, dann hu mer haut Wesentlechtes gemaach, fir d'Justiz weider ze moderniséieren a biergerfrëndlech an afferfrëndlech ze maachen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zum Vote iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d'éischt. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5156A ass mat 58 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein,

Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Charles Goerens), Mmes Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger) et Claude Meisch (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés de la proposition de loi N°4839

Ech wollt den Här Bodry froen, ob en dermat averstanen ass, dass seng Proposition mat dësem Projet elo als evakuéiert ka considéiert ginn?

» M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.- Selbstverständlech!

» M. le Président.- Très bien. Da komme mer, Dir Dammen an Dir Hären, zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5936, wou den honorabelen Här Thiel Rapporteur ass. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.



6. 5936 - Projet de loi

- portant transposition pour les établissements de crédit de la directive 2006/46/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 modifiant les directives du Conseil 78/660/CEE concernant les comptes annuels de certaines formes de sociétés, 83/349/CEE concernant les comptes consolidés, 86/635/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des banques et autres établissements financiers et 91/674/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des entreprises d'assurance,

- et modifiant la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes des établissements de crédit

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, zur vorgerückter Stunde kann ech lech net veriwewelen, wann elo Är Andacht noléisst. Däers zemools, well dee Projet, ëm deen et hei geet, sech zimlech technesch ugesäit a wou net jiddweree schaarf drop ass, sech mat de Kontabilitéitsregele vun de Banken erëmzeklappen, ëm déi et sech hei dréit.

An dach geet dat Ganzt och eis heibannen eppes un. Well ëmmerhi kritt d'Politik e Stéck Schold un där Finanzkris ugehaangen, well si d'Acteuren aus der Bankewelt net genuch an der Gitt gehalen hätt an hinne net méi op d'Fangere gekuckt hätt.

Woumat mer beim Thema vun der Reguléierung an der Opsicht vum Finanzsektor wieren, déi fir déi eng ze wäit geet a fir déi aner net wäit genuch.

Woubäi am Moment natierlech déi éischter Recht kréien, déi mengen, duerch méi streng Regeln hätt dee ganze Misär mat der Finanz- a Wirtschaftskris kënnen éviéiert ginn.

Grad well d'Bréisseler Kommissioun deemools schonn der Meinung war, et kéint een net genuch reguléieren - awer där Meinung ass Bréissel jo normalerweis ëmmer -, hat si virun dräi Joer eng Direktiv iwwert d'Opstellung an d'Präsentatioun vun de Firmkonten am Finanzsektor ausgeschafft,

déi derzou bäidroen soll, déi Kontabilitéit och fir den Netspezialist e bëssche méi transparent a verständlech ze maachen.

» Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG).- Wien ass Bréissel, Här Thiel?

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Dat ass d'Kommissioun.

» Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG).- A wien ass dat?

(Interruption)

» M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Dat ass och d'Madame Reding.

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Jo, ech schwätzen net hei vun der Madame Reding. Ech schwätzen hei vun der ganzer Kommissioun.

» Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG).- Bréissel. Wien ass Bréissel?

» M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Mir hunn näischt domat ze dinn.

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Jo, wann Dir net wësst, wat ee mat Bréissel hautdësdags mengt, da kann ech lech...

» Mme Viviane Loschetter (DÉ GRÉNG).- Wien ass Bréissel?

» M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Neen, mä Dir maacht, wéi wa mir näischt domat ze dinn hätten, Här Thiel, oder Dir näischt domat ze dinn hätt. Dir hutt och eppes domat ze dinn.

(Interruptions)

Dir braucht eis keng Nohëllefstonn ze ginn, mä sot d'Saachen, wéi se sinn!

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Mä dat ass d'Kommissioun! Dat wësst Der jo awer!

» M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Majo, mä mir hunn awer eppes domat ze dinn, oder net?!

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Déi Direktiv 46 vun 2006 vun der Kommissioun, ëm där hir Ëmsetzung et haut geet, ass eigentlech en Triptyque, well si befaasst sech souwuel mat de Banke wéi mat den Assurancen a mat deenen aneren Entreprisé vum Finanzsektor.

Well awer den Assurancëvolet schonn Enn 2007 bei eis ëmgeseit ginn ass, a well déi aner Entreprises nach hiert eegent Gesetz kréie sollen, geet et haut nëmmen ëm d'Konte vun de Banken.

Nieft enger Rëtsch technescher Modifikatiounen um Gesetz vun 1992, op deem d'Kontasféierung vun de Banke baséiert, dréit et sech an dësem Gesetz ëm dräi Hauptpunkten.

Fir d'éischt geet et dorëm, de gesetzleche Kader fir d'Betribskonta am Finanzsektor un déi nei international Kontasnormen IAS, International Accounting Standards, Här Bausch, an IFRS, International Financial Reporting Standards, unzepassen, déi amgang sinn, sech als Weltnorm duerchsetzen, och wann der drënner sinn, déi nach e bëssche Kappzerbrieches maachen.

Esou ass zum Beispill den Artikel 39 vun den IAS-Bestëmmungen e gehéirege Problem, well hie virschreift, datt eng Entreprise hir Aktiva, dat heescht ënner anerem hiren Immobiliëbesëtz an hire Finanzportefeuille, mat hirem aktuelle Maartwäert amplat hirem Akquisitiounspräis, minus d'Ofschreiwing natierlech, an de Bilan schreiwe muss.

Dat ass eng Obligatioun, déi wuel logesch, awer trotzdeem net rësonnabel ass, well si a Kombinatioun mat der Trimesterbilanzéierung dozou féiere kann, datt duerch d'Bourssenentwécklung zum Beispill eng an déiselwecht Entreprise bannent dräi Méint d'Halschent vun hirem Wäert verléieren oder awer derbäigewanne kéint. Déi Dispositioun gëtt net fir näischt als eng vun den Ursaache vun der Finanzkris ugesinn, an dat zemools, well si geiereng Manager dozou verféiert huet, op kuertzfristeg Benefisier hinzeschaffen, fir domat hir eege Bonusen opzeblosen.

Dëse sougenannten „fair value“-Prinzip, dat heescht d'Bilanzéierung vun den Aktiva zu hirem jeeweilege Maartwäert, ass a bleift e Problem, och dofir, well hien nieft senge schlechten och seng gutt Säiten huet an dofir net einfach ze verdamen ass. Jiddefalls ass et net ausgeschloss, datt am Kader vun der Reorganisatioun vun de Finanzmäert, mat där sech de G20 beschäftege soll, déi Dispositioun nach eng kéier iwwerschafft gëtt. Dat war iwwregens och de Grond, firwat am Dezember d'Besteuerung op Basis vum IFRS aus dem Steuerpak erausgehall

ginn ass, dee mir deemools hei gestëmmt hunn.

Dëse Schéinheetsfeeler soll awer d'Virdeeler vun der Direktiv net verstoppen. Een dovun ass deen, datt si mat dem onsennege Hors-bilan-Cirque opzeraume versicht, deen eng ganz Rëtsch vu Finanzaktivitéite laanscht d'Bilane schleist an domat bewierkt, datt wesentlech Bestanddeeler vun den Aktivitéiten an den Engagementer vun enger Bank einfach net am Bilan opdauen. Natierlech entsteet doduerch e grondfalscht Bild vun der Betribssituatioun. Wann awer schonn déi Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, dozou bäidroen soll, datt d'Bilanen e getreit Situationsbild vun den Entreprisé ginn, dat och international vergläichbar soll sinn - well dorëm geet et och -, da muss dat Bild och a jiddwer Hisiicht der Realitéit entsprechen.

Dat zweet Zil vun der Direktiv bezitt sech wuel nëmmen op déi Entreprises, déi op der Bourse cotéiert sinn, kann awer och fir all déi aner vun Interessi sinn. Et geet hei ëm déi sougenannt „gouvernance d'entreprise“, déi no enger Rëtsch Finanzkandaler à la Enron, Parmalat an esou weider säit e puer Joer zur Regel ginn ass. Dës Direktiv prezisiéiert d'Regele vun der Gouvernance d'entreprise fir d'Banken a leet am Detail fest, wéi déi Gouvernance ze funktionnéieren huet.

Der Vollständigkeet hallwer sief nach erwähnt, datt eng Bank sech esou enger Autodisziplin net onbedéngt ënnerzéie muss, wa se dofir e plausible Grond uféiere kann. Allerdéngs déngt hir dat nëmmen, déngt hir déi Hannerdier am Gesetz net vill, wa si cotéiert ass, well d'Bourssen een nëmmen dann akzeptéieren, wann een eng „corporate governance“ opzeweisen huet.

Dat drëtt a lescht Zil vun der Direktiv viséiert de Management an d'Kontrollorganer vun den Entreprises a virun allem deenen hir Responsabilitéit, wat déi korrekt Duerstellung no bausse vun all deem ugeet, wat elo grad explizéiert ginn ass. D'Direktionsorganer mussen kollektiv gruedstoen dofir, datt souwuel d'Konte wéi d'Gouvernanceregelen total transparent, dat heescht verständlech fir de Public sinn.

Schliesslech geet et bei dëser Direktiv an alleréischer Hisiicht dorëm, d'Vertraue vum Client a vum Investisseur an d'Banken ze stäerken. An dat ass jo hautdësdags net grad vu Muttwëll. Duerfir huet d'Finanzkommissioun och kee Problem domat, der Chamber de Vote vun dësem Gesetz ze recommandéieren. D'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun huet et jiddefalls, a mäi Merci fir d'Nolauschteren hutt Dir och.

(Hilarité)

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Thiel. Net nëmme vun Ärer Säit un eis e Merci, mä och vun eis alleguerten un lech. Et ass mer signaléiert ginn, dass d'Fraktiounen alleguerten d'Ausféierung vum Rapporteur apprécieiert hunn a mat him d'accord sinn, mat senge Konklusiounen a mat deem, wat hie proposéiert. D'Regierung huet mer datselwescht signaléiert, an deementsprechend géif ech soen, dass mer direkt zum Vote kënnle kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5936 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5936 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia